



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
Président vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/06/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Sozialversécherung weiderzeleeden.

Trotz dem Gesetz vum 14. Juli 2015 iwwert d'Aféierung vum Beruff vum Psychotherapeut ass et Patienten zu Lëtzebuerg zum aktuellen Zäitpunkt ëmmer nach net méiglech, d'Käschte vun Therapiesëtzunge bei Psychotherapeuten vun der Krankekees rembourséiert ze kréien. Wéi aus enger Äntwert ob d'parlamentaresch Fro Nummer 389 vum Deputéierte Marc Baum ervirgeet, ass de Fait, datt keen Accord tëscht der CNS an der Fabsylux (der Federatioun vun den Associatiounen, déi d'Psychotherapeuten am Land representéieren) fonnt konnt ginn, primär Schold drun, datt bal véier Joer nodeems d'Gesetz gestëmmt gouf, ëmmer nach keng Remboursementer méiglech sinn. Konkret heescht et an där Äntwert:

"Suite à l'échec des négociations conventionnelles entre la Fapsylux et la CNS, la procédure de médiation avait été entamée le 1er octobre 2018. Cependant, la procédure de médiation n'a également pas permis de trouver un accord de sorte que les dispositions obligatoires de la convention doivent être fixées par voie de règlement grand-ducal en application de l'article 70, paragraphe 2 du Code de la sécurité sociale. Les travaux y relatifs sont actuellement en cours."

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Wat waren d'Hauptgrënn dofir, dass keen Accord tëscht der CNS an der Fabsylux konnt fonnt ginn?
- An der Äntwert ob d'parlamentaresch Fro Nummer 3858 vun den Mesdames Deputéierten Lorsché an Tanson aus dem Juni 2018 gouf gesot, dass d'CNS an d'Fapsylux am Januar 2018 ugefaangen hätten iwwert eng Conventioun ze negociéieren. Wisou sinn des Gespréicher eréischt méi wéi zwee Joer nodeems d'Gesetz vum 14. Juli 2015 gestëmmt gouf, ugefaangen ginn?
- Bis wéini ass mat deem an der Äntwert ob d'Fro vum Här Deputéierten Baum genannten Reglement ze rechnen?
- Bis wéini wäerten d'Patiente spéitstens nach waarde müssen, bis si d'Käschte fir hier Therapiesëtzunge vun der Krankekees rembourséiert wäerte kréien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu